# *“Dat Néit ofwaarden, vill Rumeuren bremsen an den Alldag bewältegen”*

*Réckbléck vum Regionaldelegéierten op dat vergaangent Joer 2016*

Dësen Titel beschreift een groussen Deel vun der Aarbecht vum Regionaldelegéierten am Joer 2016. Während dem ganzen Joer gouf ganz vill vun der Reforme vun den Rettungsdéngschter geschwat an gemeckert, mee méi ausser dem Projet de loi beim Staatsrot gouf et nët. Mee ech wëll lo nët direkt mat deem Thema N°1 an den Rettungsdéngschter ufänken. Als Éischt wëll ech mol een Réckbléck op d’ Aktivitéiten vum Regionaldelegéierten am vergaangenen Joer maachen:

- Den 7. Januar 2016 huet eis den Inneminister op een Patt op Steesel invitéiert. Während dëser Néijoersréceptioun woren ewéi ëmmer ëm déi Zäit e puer Mercien fälleg an och goufen e puer Annoncen zum Thema Reforme gemaach. Den Här Minister huet nach eng Kéier erkläert, dass déi Fräiwëlleg den Kär vun der Reforme sinn an si ganz sécher an Zukunft gebraucht ginn. Och war et d’ Neiegkeet, dass d’ Administration des Services de Secours sech weider personalméisseg verstäerkt an zum Deel an eent 2. Gebai plënnert.
- Enn Januar sinn d’ Führungskräften vun den Rettungsdéngschter dunn alleguer invitéiert ginn fir un deenen éischten Coursen “Initiation à la chaîne de commandement” deel ze huelen, wou déi elementar Punkten vun der néier Führungsstruktur erkläert goufen. Dës Coursen sollten sech bis Mëtt des Joer zéien.
- Den 19. Mäerz sinn mir op een Colloque des cadres an den Parc Hotel Alvisse op Dummeldeng invitéiert ginn, wou verschidden Leit vun der ASS eis hir Virstellungen fir Zukunft an den Beräicher Formatioun, néi Gebaier an Kommandostrukturen erkläert hunn. Deen Dag sinn mir z.B. verschidden Detailer zu der Formatioun an der noen Zukunft gewuer ginn, déi vill Leit déi folgend Méint an nach bis haut beschäftegt.
- Den 22. Abrëll hat d’ Federatioun hir 88. Generalversammlung bei eis an der Regioun, an zwar zu Maarnech am Cube 521. Vill Leit hunn den Wee an eis Heemecht fonnt an waren dobäi, ewéi den President Marc Mamer sech kloer zum Avis vun der CHFEP geäussert huet. Hien huet FNSP positionéiert an och erkläert, wisou d’ Federatioun hir Plaz am néien CGDIS kréien soll.
- Am Mee 2016 huet d’ ASS hiren néien Organigramme virgestallt. Dësen ass mat villen néien Nimm versinn an huet nieft deenen laut Gesetz virgeschriwwenen Linnen oder néi Akzenter a Richtung CGDIS ze verzeechnen.
- Nodeems d’ Verwaltung vun den Rettungsdéngschter op 2 Séances d’informations fir Instrukteren a Formateuren invitéiert hat, waren zwar verschidden Froen nom Colloque des cadres beäntwert, mee anerer hunn sech opgemaach. Leider hunn ech selwer missen deen Owend esou Aussoen ewéi z.B. “Wann se dëst wierklech wëllen duerchzéien, dann sichen mer eis besser een néien Hobby oder mir kréien vill Fräizäit” vun e puer Säiten héieren. Dës Aussoë sinn leider Realitéit dobaussen.
- Nodeems am RAGTAL e puer Helmer vun Pompjeeën aus eiser Regioun beschiedegt goufen, gouf no méintelaangen Diskussiounen tëschent deenen betraffenen Corpsen, MSA-Auer, FNSP, Regionalverband NORD an RAGTAL gouf am Zentralcomité beschloss, dem RAGTAL 20 Schutzhauwen vun all Mooss ze finanzéieren, déi laut MSA-Auer bei esou Übungen gedroen sollen ginn.
- Esou wéi well e puer Joer hunn d’ Rettungsdéngschter um Defilee vun Nationalfeierdag deel geholl. Hei konnten d’ Rettungsdéngschter aus dem Land dem Public weisen, dass si gudd gestiwwelt sinn fir deenen Leit a Nout ze hëllefen.
- D’ Pompjeesfederatioun ass mat der Gemeng Wolz an Verhandlungen fir eng interaktiv Ausstellung iwwert Féierläsch- an Rettungsgeschicht an der aler Pompjeeskasär vu Nidderwolz

opzeriichten. Dës soll, nom definitiven Accord vun der Gemeng, vun der Fondatioun vun der FNSP virfinanzéiert ginn.

- An der September-Sitzung vum Zentralcomité sinn mir informéiert ginn, dass eng weider Hal niewent dat bestoend Gebai zu Colmar-Berg gebaut gëtt, wou dann all historescht Material zesummen gelagert ginn kann, bis iergendwann een Musée kommen soll.
- An der nämmlechten Sitzung gouf ech, op initialer Ufro vun eiser Regioun hin, vum Zentralcomité beoptraagt, een Reglement fir disciplinaire Moossnamen bei kuerzfristeger an onentschëllegter Ofwiesenheet un regionalen oder nationalen Coursen opzesetzen. Dëst Reglement, wat mëttlerweil zwéngend noutwenneg ginn ass, gouf an der Oktobersitzung eestëmmeg ugeholl an ass den 1. Januar 2017 a Kraaft getrueden.
- Zesummen mat der Direktioun vun der ASS ass den Federatiounsbureau och fir den 10. Oktober 2016 an hir néi Raim an der rue Christophe Plantin zu Gaasperech geplënnert. Obwuel den Bureau deen Dag seng Dieren erëm opgemaach huet, huet et nach Wochen a Méint bis Ufank Januar 2017 gedauert, bis den Bureau fäerdeg ageraumt an gréisser Stocken op Feelen an Pompjeesschoul verluegt goufen. Ënnert deenen Saachen waren och Asaztenuen, Helmer & Co. Duerch verschidden Problemer mat an vun den Fournisseuren konnten Liwwerfristen nët agehal ginn. D’ Mataarbechter vun der FNSP schaffen zesummen mat den Fournisseuren nach haut drun fir dësen Retard an déi feelend Stocken opzeschaffen. Een néien Contrat mat SIOEN am Joer 2017 soll hëllefen.
- D’ Verwaltung vun den Rettungsdéngschter huet um Datum vum 26. November 2017 op een 2. Colloque des cadres op de Kierchbierg invitéiert. Héi goufen ënnert anerem verschidden Projeten vun Kasären ernimmt, een Bilan vum ELS-System presentéiert an vill Froen beäntwert.
- Samsdes, den 10. Dezember 2016 wor dunn déi läschten Sitzung vum Zentralcomité. Hei huet den “Dësch” den Cours vun der “Waldbrandbekämpfung” ugeholl, deen vun der Bëschbrandkommissioun opgebaut ginn ass. Och gouf iwwert déi proposéiert Ausbildung vun den néien Memberen am Rettungsdéngscht diskutéiert. Et bleift nach vill ze maachen an ech perséinlech hoffen, dass awer verschidden Zoppen nët esou waarm geess ginn ewéi gekacht.
- Fir déi néi Memberen gouf een gemeinsamen Initiatiounscours fir all Acteuren vum Rettungsdéngscht virgestallt. Dësen ass zesummegesat aus den Initiatiounscoursen “Secourisme” an “Sauvetage” an gëtt och nach mat villen Elementer aus dem Grondléiergang (FGA-1) ergänzt. D’ Federatioun huet awer beschloss, dat Ganzt nët iwwert den Knéi ze briechen an hält den FGA-1 bis Enn 2017 an senger heiteger Form bäi. Et huet keen Sënn, kuerz virun geplangten Ausbildungen Programmer op d’ Kopp ze wäerfen. Bei der Fro ween wéini mat op Asäz fueren däerf, do ginn et vill Meenungen mee menger Kenntnis no keng kloer Ausso.
- No villen Diskussiounen an Meenungen am Land, lass geléist duerch verschidden Artikelen an den Medien am noen Ausland, huet den Direkter vun der ASS eng Note betreffend dem Droen vun Otemschutz vun Leit mat Bart geschriwwen. Hei ginn d’ Regelen ganz kloer definéiert, mee d’ Responsabilitéit bléift beim lokalen Chef.

Dës Punkten waren nëmmen een Deel vun Sujeten, déi während dem Joer 2016 an den Sitzungen resp. am Kader vum Zentralcomité virkomm sinn. Et waren am vergaangenen Joer 8 Versammlungen vum ZV. Leider huet nët ëmmer mat den Sitzungsberichter geklappt, mee et ass Verbesserung versprach ginn.

Ech wëll awer nët schléissen ouni e puer Wuert iwwert d' Reforme vun den Rettungsdéngschter ze verléieren:

- ✓ Nodeems den Projet de loi n°6861 betreffend dem Corps Grand-Ducal d'Incendie et de Secours (CGDIS) den 18. August 2015 an der Chamber déposéiert gouf, huet deen éischten Avis bis den Januar 2016 op sech waarden gelooss. Den SYVICOL war den Gewënner an der Course ëm d' Avisen. Deen nächsten Avis, publizéiert den 19. Februar 2016, war deen vun der CHFEP (Chambre des Fonctionnaires et Employés publics). FNSP huet dësen als Provokatioun verstan an huet fir verschidden Reaktiounen, sief et an Rieden, Zeitungen, mee awer och am Radio seitens der FNSP gesuergt. Duerno sinn nach no a no méi Avisen vun deenen eenzelnen Beruffskummeren erakomm, déi awer nët déi grouss Ännerungen verlaangt hunn. Et goufen an all Avis awer och Punkten, déi frësch ausgerullt an diskutéiert goufen.
- ✓ Leider hunn mir all mat Schmäerzen op den Avis vum Staatsrot waarden mussen, deen schlussendlech den 24. Januar 2017 publizéiert gouf. Eng gudd Partie Oppositions formelles goufen genannt, mee bei genauer Analyse wor dat ganz awer nët esou tragesch.
- ✓ Schonn während der Waardezäit bis zum Avis vum Statsrot huet den Inneministère e puer Amendementer op den Instanzewee bruecht. Dës hunn verschidden Oppositions formelles mëttlerweil relativéiert, mee awer och schonn rëm verschidden Restrictiounen geschaf. Esou gouf z.B. d' Gemengegesetz zu 100% ugewannt, esou dass verschidden lokal Politiker a zugläich Pompjeeën nächsten Oktober Faarf bekennen mussen.
- ✓ Och wann am Projet, mee nach méi an der Presse vill vun "Professionellen" oder "professionellen Rettungsdéngscht" geschwat gëtt, dann wëll dat nët heeschen, dass déi fräiwëlleg Aarbecht bis haut nët gutt war oder ass. Déi Professionell sollen an Zukunft do sinn fir deenen Fräiwëllegen ze hëllefen an nët ëmgedréint.
- ✓ Wann ech un déi néi Kommandostrukturen an déi sougenannten Chaîne de commandement denken, woen ech eng Behaaptung ze maachen: Obwuel bei verschiddenen Ordnungen an Emgangsformen e bëssen ze streng gekuckt gëtt, sinn déi meeschten Punkten eng Saach vun Mënscheverstand, Übung an Motivatioun. Ech sinn frou ze soen, dass ech aus engem Corps an enger Regioun kommen, wou eng Chaîne de commandement schonn virun Joeren bei groussen Asäz an Übungen agesat gouf, ouni dass se esou bezeechent gouf.
- ✓ Ech wëll zum Schluss jidderengem vun Iech Folgendes un d' Häerz leeën:

**Egal wat alles Neies lo ugekënnegt gëtt, ännert nët vill un den Aufgaben vun den "einfachen" Pompjeeën. Maacht Eech nët geckeg mat all deem Gespréich dobaussen. Dir gitt all gebraucht, ouni Eech déi Fräiwëlleg ass et net geplangt an wäert et nët goen!**

Nodeems d' Joer 2016 scho vill fir Zukunft vun den Rettungsdéngschter an eisem Ländchen geschafft gouf, wäerten am Joer 2017 déi definitiv Weichen geluecht ginn. Dëst geet awer, esou ewéi bei ganz villen aneren Reformen, nët ouni den Asaz vun jidderengem vun eis all.

**Dofir paken mir gemeinsam fest un fir eng anstänneg Zukunft.**

Merci fir Äert Vertrauen.

Ären Delegéierten am
Zentralcomité vun der FNSP,

(s) Christian SCHMITZ